

Deen zweete wesentleche Punkt, deen hei geännert gëtt oder llicht nei formuléiert gëtt, ass d'Immunitéit a strofrechtleche Poursuiten. Och hei mengen ech, datt déi Adaptatioun, déi mer virhuelen, déi ass, déi d'Bierger sech och dobaussen erwaarden, well se absolut mat de Realitéiten iwwerenee stëmmt, an datt et och ganz onsënneg ass, wann hei an der Chamber iwwer verschidden Immunitéiten debattéiert gëtt, wou et ganz oft onnëtz ass.

Well wat ass d'Resultat dovunner, wann eng Levée vun engem Deputéierten duerch d'Chamber geschwat gëtt? Dat ass, datt no bausen an der Opinion publique ganz oft deen Deputéierten da scho veruerteelt ass. Or, dat ass net de Fall. Et ass just nuren, datt d'Chamber seet, hei kéint et eventuell zu eppes kommen, mä et ass selbstverständlech nach net en Uerteel. Mä dat ass heiansdo ganz schwéier dobaussen an der Opinion publique duerchezéien.

Mir sinn och Demandeur, fir net nuren dës Gesetzzer ze änneren, also dës Artikelen vun onser Constitution, d'Artikelen 68 a 69.

Mir sinn och Demandeur fir datt mer ähnlech Dispositione vis-à-vis vun de Regierungsmembere solle virhuelen. Well et sinn ons Fäll bekannt, wou e Regierungsmember bewosst eng Autorisation an enger Matière ginn huet, fir iergendeppes ze erlaben, an datt deen Ablack dat awer a Violatioun vun enger Disposition pénale war. Et ass dach relativ batter, wann de Plaignant da vum Parquet gesot kritt, et wier eng Infraction, si wier constatéiert - an enger Baugenehmung oder esou -, an et kënn een awer net dergéint ukloen, well constitutionnel dat doten net méiglech wier. Also och do kréie mer eng kleng Aarbecht.

Mä nach eng Kéier am Résumé: D'ADR-Fraktioun ka mat dësen Ännerungen d'accord sinn a mir wäerte se och dofir stëmmen.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President!

■ **M. le Président.** - Jo. Den Här Mehlen freet d'Wuert nach.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, ech wollt just e puer Wuert hannendrun hänken. Ech si vläicht deen Eenzen nach an dëser Enceinte, deen eng Kéier am Fall war, datt hei d'Immunitéit opgehewe ginn ass. Dat war eng Affär en matière civile. Ech sinn deemools ganz frëndlech gefrot ginn, wéi ech mech géing dozou stellen. Ech hu gesot, ech sinn dee Leschten, dee sech dergéint wiert. Et war eng Meenung, déi ech geäussert hat an engem Prozess, deen déi Zäit héich Welle geschloen huet, wou manifestement eng Partie Leit bei hiren Zeienaussoen net ganz bei der Wourecht bliwwen waren.

Ech hunn déi Ausso als Privatpersoun gemaach, dat heescht a Funktioun vu President vun enger Bauerenorganisatioun, déi deemools an deem Prozess virdrun als Partie civile mat derbäi war. Wéi gesot, et war eng reng zivil Affär. An déi wär och ganz normal hire Wee gaangen, dovun hätt emol kaum ee Kenntnis geholl dobaussen, wann net weinst där ziviler Affär do hei dee ganze Klamauk hätt misse gemaach ginn, fir meng Immunitéit opzehiewen!

Dat war an enger ganz opgeregter Zäit, viru Wahlen an esou weider, an dat wat herno an den Zeitunge stoung, war eppes ganz anescht wéi dat wat effektiv d'Fait waren, well déi Affär hei hat mat enger anerer Affär, déi déi Zäit och héich Welle geschloen huet, guer näischt ze dinn.

Duerfir wëll ech hei soen, datt ech et net méi wéi richtig fannen, datt dee Procédé do opgehewe gëtt, well - ech mengen, den Alex Bodry hat et gesot - och wann den Deputéierte sech am Recht spiert an am

Recht ass, mä wann een eng Citation directe mécht, souguer en matière civile, an et muss hei d'Immunitéit opgehewe ginn, dann ass een eigentlech als Deputéierte scho virveruerteelt ier et ugeet, ob-schonn et souguer hei einfach nëmmen ëm Schuedenersaz gaangen ass.

Duerfir ass et net méi wéi richtig, datt mer dat maachen, an datt an esou Fäll den Deputéierte behandelt gëtt wéi all anere Bierger dobaussen och. Ech wollt dat zu dësem Thema soen. All dat anert, mengen ech, ass jo scho gesot, an den Yves huet jo scho gesot, mir wäerten dat stëmmen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Fir d'Regierung wëllt den Här Justizminister Luc Frieden d'Wuert ergräifen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, déi Verfassungsännerungen, déi d'Chamber de Mëtten hei diskutéiert an driwwer ofstëmt, déi betreffen d'Deputéierten, an duerfir fënnt d'Regierung aus institutionelle Grënn, datt si sech net soll zum Inhalt vun deene Verfassungsännerungen äusseren. Ech géing just wëlle bei dëser Geleeënheet zwou Observatiounen maachen.

Déi éischt ass déi, well insofern dës Ännerunge kënnen Modifikatiounen vum Code pénal no sech zéien, datt d'Regierung déi iwwerkuckt an dann diesbezüglech e Gesetzesvorschlag an d'Chamber wäert eraginn.

Zweet Observatioun: Am Numm vun der Regierung wëll ech dorun erënneren, datt d'Regierungsmembere, contrairement zu den Deputéierten, keng Immunitéit hunn. D'Regierungsmembere hunn opgrond vun de Verfassungsbestimmungen e Privilège de juridiction, komme virun eng extra Komposition vum Gericht. Déi Dispositionen entsprechen awer net méi de Regele vun den internationale Konventionen, notament déi iwwert den duebelen Degré vun de Juridictionen am strofrechtleche Beräich.

Et ass duerfir, datt d'Regierung schonn 2004 Propositionen gemaach huet, fir d'Verfassung an deenen Artikelen, déi d'Regierung betreffen, ofzënnere, se der politescher Realitéit unzepassen an op dësem Punkt - hei geet et ëm d'juristesche Responsabilitéit vun de Ministere - en Text ze fannen, dee konform ass mat den normalen an heitege Fonctionnementen à la fois vun der Regierung a vun de Gerichter.

Et wär duerfir de Wonsch vun der Regierung, datt déi Propositionen, déi elo zënter zwee Joer an der Chamber sinn, déi och, mengen ech, nach net aviséiert gi si vum Statsrot, awer kënnen souwuel am Statsrot wéi an der Chamber diskutéiert ginn. D'Regierung wëllt keng Immunitéit, d'Regierung hätt just gären, datt déi Regele vun der juristescher Responsabilitéit vun de Ministere kloer an der Verfassung virgesi ginn.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 4939. Et ass eng Majoritéit vun Zweedréttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

**Premier vote constitutionnel sur la proposition 4939**

D'Proposition 4939 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel*

*Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Paul Helminger;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

■ **Une voix.** - Dir sidd ze schnell!

■ **M. le Président.** - Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert d'Proposition 4285. Och hei ass eng Majoritéit vun Zweedréttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

**Premier vote constitutionnel sur la proposition 4285**

D'Proposition 4285 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen et Paul Helminger;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5510 iwwert de Protokoll vu Kyoto. D'Diskussion ass an der Sitzung vu gëschter ofgeschloss ginn.

**5. 5510 - Projet de loi relative aux mécanismes de projet du Protocole de Kyoto et modifiant la loi du 23 décembre 2004**

**1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre;**

**2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto;**

**3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés (suite)**

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5510 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, bei 8 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Marc Angel), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner (par M. Niki Bettendorf);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5405 iwwert d'Konventioun Europol. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Patrick Santer. Här Santer!

**6. 5405 - Projet de loi portant approbation**

**1. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et modifiant l'article 2 et l'annexe de ladite convention, signé à Bruxelles, le 30 novembre 2000;**

**2. du Protocole modifiant la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et le protocole sur les privilèges et immunités d'Europol, des membres de ses organes, de ses directeurs adjoints et de ses agents, signé à Bruxelles, le 28 novembre 2002; et**

**3. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol), modifiant ladite convention, signé à Bruxelles, le 27 novembre 2003**

**Rapport de la Commission juridique**

■ **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5405 huet zwee Voleten: Op där enger Säit ginn dräi Protokoller zur Europolskonventioun approu-

véiert, an op där anerer Säit gëtt d'Gesetz vun 1998, dat déi initial Europolskonventioun approvéiert, op zwee Punkte geännert.

Europol, déi hire Sëtz zu Den Haag an Holland huet, ass keng federalstaatlech Police wéi den FBI an de Vereenegte Staten. Europol huet keng Polizeigewalt, kann zum Beispill kee verhaften. Europol, déi säit Juni 1999 am Asaz ass, ass eng Struktur, déi duerch Informationsanalys, Informationsaustausch...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

...a Kooperatiounshëllef den nationale Polizeiautoritéiten aus de Memberstate vun der Europäescher Unioun hir Aarbecht vereinfacht.

Natierlech kritt och Europol Informatiounen aus de Memberstaten, déi an Europol duerch sou genannt Officiers de liaison vertruede sinn. Europol beschäftegt ongeféier 400 Leit, an et gëtt plus ou moins 80 vun de Memberstaten détachéiert Officiers de liaison.

Bei deenen dräi Protokoller geet et ëm Verännerungen zur Europolskonventioun vun 1995.

Deen éischte Protokoll datéiert vum 30. November 2000. Et hunn - dat ass de Wëssensstand vum 26. Januar 2006 - 22 vun deene 25 Membere dee scho ratifizéiert. Beim éischte Protokoll ginn d'Kompetenze vun Europol erweidert andeems Europol Kompetenzen a Blanchimentsaffäre kritt, och wann d'Infraction sous-jacente, dat heescht, déi Infraction, déi zum Blanchiment gefouert huet, net an de Kompetenzberäich vun Europol fält.

Den zweete Protokoll vum 28. November 2002 gouf scho vum 20. Membere ratifizéiert. Deen erlaabt et den Agente vun Europol, bei enger Équipe commune d'enquête als Observateur matzemaachen. Ech wäert lech dann och am nächste Projet de loi méi am Detail iwwert déi Équipe commune d'enquête informéieren.

Den drëtten a leschte Protokoll ass vum 27. November 2003. Dee gouf bis elo nëmme vun 18 Memberstate ratifizéiert. Zil an Zweck vun dësem Protokoll, dee méi wichteg ass, wéi déi zwee aner virdrun, ass et, d'Capacitéit vun Europol ze stäerken, fir de Memberstaten ze hëllefen, hiren operationellen Aktivitéiten am Kader vun Europol nozekommen.

Et kann een dräi méi déif gräifend Ännerungen hei ënnersträichen:

Éischstens: eng Ausweidung vun de Kompetenze vun Europol op all Zort vu schwéier Kriminalitéit. Dës Ausweidung mécht also, datt deen éischte Protokoll e bëssen hifälleg ass.

Zweetens: eng Aféierung vun engem Droit d'accès vun all Bierger op Europolsdokumenter.

Drëtstens: d'Verstäerkerung vum Europaparlament als Kontrollorgan vun Europol. Bis elo krut d'Europaparlament nëmmen de Rapport d'activité vun Europol matgedeelt. Elo kann d'Europaparlament iwwer wichteg Ännerungen, wat Europol ugeet, konsultéiert ginn, an d'Présidence vum Conseil kann och am Europaparlament iwwert déi generell Froe betreffend Europol Ried an Äntwert stoen.

Wat deen nationale Volet vum Projet de loi ugeet, esou wäert d'Gesetz vun 1998, duerch dat mer d'Europolskonventioun vun 1995 approvéiert hunn, op zwee Punkte geännert ginn, well do säit 1998 legislativ Ännerunge komm sinn.

Et gëllt, well mer säit 1999 eng Fusioon vu Police a Gendarmerie hunn, d'Referenz un de Service commun vu Police a Gendarmerie als nationaal Koordinatiounsorgan ze ersetzen. Hei gëtt de Service vun der Police judiciaire benotzt.

Zweetens gëtt d'Referenz un d'Datenschutzgesetz vum 31. Mäerz 1979 ersat, well dat Gesetz abro-